N°7527
Entrée le 06.03.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 7527 vum 30. Januar 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

1. *Kann d'Ministesch erkläre firwat dës Dosissen zerstéiert gi sinn?*

Déi vum honorabelen Deputéierten ugeschwaten Impfdosen sinn zerstéiert ginn, well hiren Haltbarkeetsdatum ofgelaf war.

Vun deenen 129.600 betraffenen Astrazeneca Dosen sollten der 26.400 ursprénglech iwwert dat internationalt Bündnis GAVI un Algerien gespent ginn, des Donatioun ass dunn awer annuléiert ginn.

Déi reschtlech 103.200 Dosen sinn net op Lëtzebuerg geliwwert ginn well Lëtzebuerg zu deem Zäitpunkt den Impfstoff vun Astrazeneca net méi benotzt huet.

Et ass an deem Zesummenhang wichteg ze ënnersträichen dass des Commanden méintelaang am Viraus hu misste gemaach ginn, an dass et zu deem Zäitpunkt onméiglech war d'Evolutioun vun de wëssenschaftlechen Recommandatiounen fir all Type vun Impfstoff virauszegesinn an ze wëssen ob den Impfstoff vun Astrazenenca nach weiderhin benotzt wäert ginn.

2. *Wéi ka Lëtzebuerg sech sécher sinn, dass dës Vaccinen iwwerhaapt fir eist Land waren?*

Déi um europäeschen Niveau bestallte Quantitéiten si proportional un all Land verdeelt ginn. Et ass e strenge Suivi, souwuel vun de bestallten wéi och vun de geliwwerte Quantitéiten gemaach ginn, dee séchergestallt huet dass dës Vaccins effektiv fir Lëtzebuerg bestëmmt waren.

D'Décisioun fir des Dosen net op Lëtzebuerg liwweren ze loossen, ass zesummen mam Fournisseur geholl ginn, fir ze verhënneren dass en extraen Transport op Lëtzebuerg hätt missten organiséiert ginn, fir déi betraffen Impfdosen dann schliisslech hei am Land ze zerstéieren.

3. *Huet Lëtzebuerg dës net geliwwert Vaccine misste bezuelen a wa jo, wéi vill hunn dës kascht?*

Lëtzebuerg huet déi betraffen Impfdosen misste bezuelen. De Käschtepunkt beleeft sech op 230.688 EUR (eng Dosis vum Impfstoff vun AstraZeneca huet zu deem Zäitpunkt 1,78 EUR).

Lëtzebuerg, den 6. Mäerz

D' Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert